GEMENG
SANDWEILER

Dossier suivéiert vum
Schäfferot ☏ 359 711-207
✉ college.echevinal@sandweiler.lu

CSV Sandweiler
Här Romain Dumong
Här Jean Lemmer
Madamm Simone Massard-Stitz

Sandweiler, de 25. Septembre 2025

**Betréfft : Är Froen un de Schäfferot fir d'Gemengerotssëtzung vum 10. September 2025**
**Eis/Ref. : CSV - 2025.09.10 – CE – 2875-2025** **Är/Ref. : Courrier vum 5. September 2025**

Här Dumong,
Här Lemmer,
Madamm Simone Massard-Stitz

Heimadde schécke mir Iech d'Äntwerten op Är Froen déi Dir un de Schäfferot an der Gemengerotssëtzung vum 10. September 2025 hat.

**Fro 1:**

*"Op eng parlamentaresch Froe betreffend dem Bau vun engem neie Kontrollturm um Findel, schreift Madame Ministesch Yuriko Backes an hirer Äntwert vum 28.07.2025 dass dofir e Site um Territoire vun der Gemeng Sandweiler geplangt war.*

- *Kennt Dir ons un Hand vun engem Plang weise wou genau dat geplangt war?*

*Laut Aussoe vun der Mme Ministesch Yuriko Backes kann dësen Tuerm net gebaut ginn, well et "une bonne dizaine d'années" géing dauere fir den Demanden vun der Gemeng Sandweiler gerecht ze ginn.*

- *Wat genau waren dem Schäfferot seng Fuerderungen?"*

**Äntwert:**

Ugangs 2024 war eng Reunioun mat dem Schäfferot a Luxairport betreffend der Ufro fir dee Kontrolltuerm fir de Fluchhafen.

An dëser Reunioun huet Luxairport dem Schäfferot erkläert, dass si e Kontrolltuerm mat enger Héicht vun +/- 50 Meter am Birelergronn um Lieu dit „Heed / Reech" wéilte bauen.

D'Gemeng huet dorops hi gesot, datt esou en Tuerm awer e staarke visuellen Impakt op d'ganz Duerf an op déi nei PAP'e „Rue des Champs" a „Birelergronn / Birelerhaff" respektiv d'Awunner vun der Rue de la Vallée hätt, an dofir huet d'Gemeng Demande gestallt op dësen Tuerm net kéint op eng aner Plaz kommen.

Zënter dëser Reunioun huet d'Gemeng Sandweiler awer an dësem Dossier kee Retour mei kritt an huet bis haut nach keng offiziell Demande oder Pläng kritt fir esou en Tuerm ze bauen.

Fir weider Informatioune verweist de Schäfferot iech op der Ministesch Yuriko Backes, Ministesch vun der Mobilitéit a vun den „Travaux publics" hir ganz kloer Stellungnam vum 28 Juli 2025 op d'parlamentaresch Froen n° 2457 vum 16 Juni 2025 vun den Deputéierten Marc Spautz an Emile Eicher an n° 2476 vum 18 Juni 2025 vun den Deputéierten Yves Cruchten a Ben Polidori, déi dir jo an ären Hänn hutt,.



18, rue Principale
L-5240 Sandweiler
Boîte postale 11
L-5201 Sandweiler
Tél.: +352 35 97 11
Fax: +352 35 79 66
info@sandweiler.lu
www.sandweiler.lu

**Fro 2:**

*"Wéi vill Geld huet d'Gemeng Sandweiler an de leschte 24 Méint ausginn un "Honoraires d'avocats"*

- *am Zesummenhang mat der Z.I. Rolach?*
- *am Zesummenhang mat Personaldossieren?"*

__Äntwert:__

An der Annex fannt dir Detailer iwwer de Budgetsartikel 3/120/613410/Z/99002 : Honoraires d'avocats

**Fro 3:**

*"Op den Terrain'e vum geplangte PAP "op dem Kapellebierg - am ënneschte Schrëndel" sinn déi leschte Woche Buerungen duerchgefouert ginn.*

- *Wat ass de Grond d'vun deene Buerungen?*
- *Ass de Schäfferot informéiert ob dee Projet an nächster Zäit starte soll?*

__Äntwert:__

De Schäfferot informéiert lech betreffend är Fro betreffend de Buerungen an dem PAP „Kapellebierg / am ënneschte Schrëndel", dass d'Buerungen gemaach ginn fir datt d'Planer vum Projet eng „Etude de sol" erstelle kënnen fir esou d'Donnéeën ze hunn op deene d'Statik vun de Gebaier opgebaut kënne ginn.

De Promoteur ass am Kontakt mat der Gemeng fir d' „Conventioun d'exécution" ze finaliséieren.

**Fro 4:**

*"Säit den Nominatioune vun de Membere vun den diversen "Commissions consultatives" Enn 2023 hunn a verschiddenste Kommissiounen onsen Informatiounen no eng Rëtsch Member demissionéiert.*

- *Wéi vill Memberen hu pro Kommissioun demissionéiert?*
- *De Gemengerot huet d'Member nominéiert. Wisou gouf de Gemengerot bis elo net iwwer d'Demissiounen informéiert?*
- *Plangt de Schäfferot déi Platzen nees nei auszeschreiwen?"*

__Äntwert:__

Demissionéiert an der berodende Gemengekommissiounen hunn :

- *2 Persounen an der 3. Alterskommissioun*
- *2 Persounen an der Sportskommissioun*
- *1 Persoun an der Sozial- an Inklusiounskommissioun*

De Schäfferot ka sech net erënneren, dass dat jeemools e Sujet an der Vergaangenheet am Conseil war.

Déi betreffend Kommissiounen sinn nach voll funktionell. Aus dësem Grond ass de Moment kee Remplacement virgesinn.

**De Schäfferot,**

| | | |
|---|---|---|
| Georges Reuter,<br>Échevin | Claude Mousel,<br>Bourgmestre | Corine Courtois,<br>Échevine |